N°7697
Entrée le 02.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.03.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/03/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Eis gouf zougedroen, dass et bei der CNS virkënnt, dass si Persoune fälschlecherweis Leeschtungen zoukomme loossen, op déi dës aus verschiddene Grënn keen Usproch hunn. Wa si hire Feeler bemierken, fuerderen si dann innerhalb vun e puer Deeg déi komplett Beträg zréck, soss sträichen si de betraffene Persoune Leeschtungen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi oft ass et an deene leschte 5 Joer, opgelëscht pro Joer, virkomm, dass d'CNS eng Decisioun réckwierkend geännert huet?

2. Wéi oft ass et an deene leschte 5 Joer, opgelëscht pro Joer, virkomm, dass d'CNS eng Decisioun réckwierkend geännert huet, well si festgestallt hunn, dass si fälschlecherweis Leit Leeschtungen accordéiert hunn, déi dës eigentlech net zegutt haten?

3. Eis si Fäll bekannt, wou Persounen innerhalb vun e puer Deeg gréisser Zomme sollten zréckbezuelen, déi si fälschlecherweis accordéiert kruten. Wann si déser Opfuerderung net nokommen, kréien si Leeschtungen, zum Beispill beim Remboursement vu Rechnungen, oder bis zu 50% vum Kannergeld, dat eigentlech fir den Ënnerhalt vum Kand geduecht ass, gestrach. Beim Steieramt ass et esou, dass all Contribuabel d'Méiglechkeet huet, no enger Besteierung, a virun der Echeance vun dëser Besteierung, duerch eng motivéiert Demande, een *Délai de Paiement* ouni Zënsen (*Délai de Paiement* bis zu 4 Méint) oder een *Délai de Paiement* mat reduzéierten Zënsen (*Délai de Paiement* tëschent 5 Méint an 12 Méint: 0,1 Prozent pro Mount oder *Délai de Paiement* tëschent 13 Méint bis 3 Joer: 0,2 Prozent pro Mount) beim Steierbüro unzefroen (Äntwert op d'QP N° 6146). D'Héicht vun den Zënsen déi pro Mount berechent ginn hänkt also vun der Lafzäit vum *Délai de Paiement* of. Firwat bitt d'CNS hiren Assuréeën net déi selwecht Méiglechkeeten un, amplaz hinne Leeschtungen ze sträichen an si esou an eng prekär Situatioun ze bréngen?

4. Fir géint eng Entscheedung vun der CNS kënne Recours beim Gericht anzeleeë brauch eng betraffe Persoun eng sougenannten Décision présidentielle aus der Direktioun vun der CNS. Wéi laang ass aktuell d'Durée de traitement bei den Décision présidentielle?

5. Wat war op déi leschte 5 Joer gekuckt déi längsten Durée de traitement bei den Décision présidentielle?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

www.piraten.lu